51e séance

Mercredi 12 juin 2002

Présidence
M. Jean Spautz, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Composition de la Commission spéciale "Ethique"

2. Projet de loi 4883 autorisant l'acquisition en état futur d'achèvement de trois immeubles administratifs situés à Luxembourg-Kirchberg

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

3. Proposition de loi 4670 de MM. Paul Helminger et Laurent Mosar modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

4. Proposition de loi 4653 de M. Robert Garcia relative à l'organisation de structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire et modifiant la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte de la proposition de loi - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden et Mme Anne Brasseur, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.37 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Composition de la Commission spéciale "Ethique"

An hirem Bréif vum 11. Juni proposéiert d'DP-Fraktioun, datt innerhalb vun der Ethikskommissioun den Här Paul Helminger duerch den Här Emile Calmes ersat gëtt.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4883 iwwert de Kaf vun dräi Verwaltungsgebaier um Kierchbierg.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Graas, Gibéryen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

2. Projet de loi 4883 autorisant l'acquisition en état futur d'achèvement de trois immeubles administratifs situés à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzprojet, dee mer haut hei diskutéieren, gëtt et dem Stat erlaabt, fir 43 Milliounen Euro dräi administrativ Gebaier um Kierchbierg ze kafen, fir do verschidde Verwaltungen a Servicer ënnerdaach ze bréngen. Dës Gebaier sinn am Moment am Gaang gebaut ze ginn.

De But vun der Regierung ass et, eng grouss Zuel vun Adressen, déi de Lëtzebuerger Stat de Moment occupéiert, e bëssen ze reduzéieren. D'Bündelung vu méi Ariichtungen op enger an däerselwechter Plaz dréit dozou bäi, déi staatlech Adressenzalot - am Moment gëtt et der ongeféier 155 - méi iwwersichtlech ze maachen. Staatlech Verwaltungen a Servicer sinn haut iwwert d'ganz Stad an nach doriwwer eraus verspreet. Dësen Zoustand huet awer och seng Ursaachen.

Am Verlaf vun de leschte Jorzéngten ass Lëtzebuerg zolidd gewuess. Selbstverständlech huet dëse Wuesstum och net virun de Ministèren an de Verwaltungen Halt gemaach. De Contraire ass geschitt a si sinn deementspriechend och matgewuess. Well awer am Stadzentrum nëmmen eng begrenzten Zuel vu Gebaier dem Stat zur

Verfügung stong an och nach steet, si verschidde Servicer op aner Plazen ënnerbruecht ginn. D'Ministèrë sinn an deene meeschte Fäll säit laangem ze kleng, fir all Ulafstell vun der Verwaltung dran ënnerzekréien.

Um Kierchbierg kann elo mat dësem Projet en neien administrativen Zentrum entstoen, dee vu virera grouss genuch geplangt an och konzipéiert ass an deen et erlaabt, progressiv op eenzel Adressen am Stadkär ze verzichten. Hei sinn eng ganz Partie Immeublë vum Stat occupéiert, ouni datt se awer dem Stat selwer gehéieren. Dat heescht, si si vum Stat gelount, an et gëtt elo vun där aktueller Regierung versicht, dës Situatioun ze änneren, oder besser gesot, deelweis ze änneren.

D'Beweegung geet haut ganz eendäiteg a Richtung Akaf vun de Verwaltungsgebaier, wat a mengen Aen och eng besser Approche ass. Dëse Modell ass besser, net nëmme wéinst dem Patrimoine immobilier, deen de Stat sech op dës Manéier kann zouleeën, mä och, an dat ass sécher net onwichteg, fir déi enorm héich Loyerskäschten erofzesetzen. Net méi spéit wéi de leschte Méindeg an der Budgetskontrollkommissioun huet de Minister Luc Frieden eis d'Zuele vum Loyer virgeluegt. De gesamte Loyer, deen de Lëtzebuerger Stat jährlech bezillt, beleeft sech op 33.508.919 Euro. Dat sinn ëmgerechent 1.351.746.452 al Lëtzebuerger Frang.

De Kierchbierg ass ee vun deene wéinege Quartieren an der Stad, deen nach kohärent Ausbauméiglechkeete fir gréisser Verwaltungsensemblë bitt. Dat ass och de Grond woufir dëse Site soll zur Usiedlung vun engem neien administrativen Zentrum genotzt ginn, niewent där schonns ugeschwatener Tatsaach, datt am Stadzentrum einfach ze wéineg Raum nach accessibel ass. Deen, deen nach accessibel ass, ass meeschtens relativ al an deemno och nach renovéierungsbedürfteg.

Zu dësem Zäitpunkt steet fest, datt de Justizministère an de Wirtschafts- a Sozialrot sollen an déi nei Raimlechkeeten ënnerbruecht ginn. Si eleng fëllen awer déi 9.000 m2 net aus. Dofir bleift Plaz, fir weider Verwaltungsstellen an dëse Gebaier ze logéieren. Entweder där, déi am Moment raimlech a Schwieregkeete sinn oder där, déi eventuell nach nei ze schafe sinn.

Esou oder esou ass et ze begréissen, datt de Stat um Kierchbierg d'Méiglechkeet huet, gegebenefalls eng Reserv u Raum fir d'Verwaltung ze schafen, wat sécher zu engem spéideren Zäitpunkt eng gréisser Kohärenz an der administrativer Siedlungspolitik ka bréngen.

Déi dräi Gebaier gi vun der Chambre de Commerce ofkaaft. D'Chambre de Commerce ass och de Bauhär dovun. D'Prozedur vun der Acquisitioun "en état d'achèvement futur" mat budgetäre Mëttel, op déi zréckgegraff gëtt, ass sécher eng besser an eng méi transparent Prozedur, wéi e Verfahren iwwert d'Garantiegesetz. D'Loi de garantie, déi och hei am Haus an der Vergaangenheet jo ëmmer erëm an a schéiner Regelméissegkeet an d'Kritik geroden ass, gëtt an dësem Fall net e Betracht gezunn. Am virleiende Fall sinn d'Budgetsmëttel genau déiselwecht wéi de Montant, deen herno op de Virement stoe kënnt.

Den Akafspräis beinhalt schonn zwee Prozent fir Zousazkäschten, déi net prévisibel sinn. Dës Majoratioun gëtt kombinéiert mat där üblecher Indexatioun, déi et erlaabt, op Haussë vun de Präisser, souwuel vum Baumaterial, wéi vun der Main-d'oeuvre, kënnen ze reagéieren, Haussen, déi duerch eng allgemeng Präissteigerung, wéi eis Indexe se dokumentéieren, ervirgeruff ginn. Den eigentleche Präis vun den Haiser läit awer fest bei 43 Milliounen Euro an de Statsrot huet och nach eng Kéier drop higewisen, datt dëse Präis net däerf iwwerschratt ginn, ouni datt en neit Gesetz gestëmmt géif ginn. Eventuell indexgebonne Méikäschte si keng Steigerung vum vertragleche Kafpräis a kënnen also ufalen, ouni datt d'Chamber nei Kreditter nostëmme muss.

Et bleift mer elo nach just ze soen, datt d'Gebailechkeeten ongefëier Mëtt 2003 bezuchsfäerdeg wäerte sinn an datt se niewent Bürosraimlechkeeten och all aner Facilitéite wéi Parkplazen opweisen, déi e moderne Verwaltungszentrum u sech brauch.

D'Finanzkommissioun war der Meenung, datt et wichteg wier, datt d'Ministèren an der Haaptstad ugesiedelt wieren. Si gesäit och kee Problem a mécht och keen Ënnerscheed, ob dat elo am Stadkär selwer ass, oder wéi et hei de Fall um Kierchbierg ass.

D'COFIBU weist awer an hirem Rapport drop hin, datt d'Regierung, am Fall wou aner Institutiounen oder Verwaltungen delogéiert ginn, sech an der Phisolophie vum Programme-directeur de l'Aménagement du Territoire et de la Décentralisation soll beweegen. Si soll an Zukunft all Méiglechkeete studéieren, déi an dës Richtung ginn. De Begrëff Dezentralisatioun däerf net nëmmen eng Floskel sinn. E muss ëmgesat a selbstverständlech och wouer gemaach ginn.

Dat gesot, Här President, hoffen ech, datt dëse Projet eng grouss Majoritéit hei an der Chamber fënnt a selbstverständlech ginn ech dann och den Accord vun der CSV.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen den Inhalt vun deem heite Projet ass einfach duerzestellen. De Rapporteur huet dat in extenso gemaach an den Inhalt selwer gëtt sécherlech wéineg zu Diskussiounen Ulass. Et geet drëm, datt de Stat Propriétaire gëtt, iwwert de Wee vun enger "vente en état futur d'achèvement" vun dräi Bürosgebaier um

Kierchbierg, mat enger Bruttosfläch vun 9.000 m2, fir e Gesamtpräis vun 43 Milliounen Euro.

D'Zil ass et, fir staatlech Verwaltungen aus gelounte Bürosgebaier ze transplantéieren a Bürosgebaier, wou de Stat selwer Propriétaire gëtt. D'Zil ass et, fir eng Reduzéierung ze maache vun den Adressë vun de staatleche Verwaltungen um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg.

Sou wäit, sou gutt. Wéi gesot, dat do dierft zu kenge gréissere Kontestatiounen Ulass ginn. Et bleift awer, an dorobber wëllt ech mech a menger Interventioun konzentréieren an och méi am Detail drop agoen, datt dëse Projet eng ganz Rëtsch vu prinzipielle Froen opwerft, déi deelweis am Avis vum Statsrot nozeliese sinn, déi deelweis awer och bei eisen Diskussiounen an der Kommissioun opgetratt sinn, respektiv, déi ech wëll hei zousätzlech dobäifügen.

Loosst mer fir d'éischt emol zu deenen dräi Observatioune vum Statsrot kommen, déi eigentlech net allen dräi eng Äntwert fonnt hunn am Rapport vun der zoustänneger Finanzkommissioun vun der Chamber, wou et awer wichteg wier, datt d'Regierung bei dësen Debatten zum Schluss géif op déi Observatiounen agoen.

De Statsrot gesäit éischtens emol an deem heite Projet eng nei Implantatiounspolitik vu staatleche Servicer um Gebitt vun der Haaptstad. Ech zitéieren: "En transférant au Kirchberg des unités administratives implantées actuellement au centre de la ville de Luxembourg, le Gouvernement créera en fait un nouveau noyau administratif, puisqu'il semble évident que d'autres services de l'Etat vont suivre, à terme, ce mouvement à destination du Kirchberg."

Do also eng éischt Fro un d'Regierung: Ass et vun der Regierung beabsichtegt esou eng Politik ze maachen, oder ass dat hei éischter d'Resultat vum Zoufall?

Déi zweet Observatioun, déi de Statsrot mécht, déi a mengen Aen och pertinent ass, ass d'Fro, awiefern deen heite Mechanismus, dee mer fir d'éischt uwenden, wou mer also net als Stat selwer baue ginn, wat déi üblech Method ass, oder als Stat fäerdeg Gebailechkeete kafen, mä wou mer als Stat higinn an iwwert d'Vente "en état futur d'achèvement" Gebailechkeeten, déi am Gaang sinn eréischt konstruéiert ze ginn, eis an déi Gebailechkeeten akafen an esou Propriétaire oder Co-Propriétaire vun deene Gebailechkeete ginn.

D'Fro stellt sech, an de Statsrot huet se a sengem Avis gestallt, wat fir eng Auswierkungen déi dote Methodik, wann déi sech géif multiplizéieren an der Zukunft, op de Wourechkeetsgehalt vun der Programmation pluriannuelle vun Investissementer vum Stat hätt. Och do wëll ech dee Passage aus dem Avis vum Statsrot zitéieren: "L'achat d'un immeuble en voie de construction dont la construction n'a pas été initiée par l'Etat soulèverait en effet des doutes quant à la validité de la programmation pluriannuelle des dépenses de l'Etat et de celle à moyen terme des acquisitions pour les besoins administratifs des services de l'Etat."

Och do misst eng Äntwert komme vun der Regierung wat hir Absicht ass, fir méi staark op dat Instrument zréckzegräifen a wéi ee kann, wa se dat wëlles hätt, dann awer och gewährleeschten, dass an der Programmatioun, déi gemaach gëtt wat déi grouss Investissementer beim Stat ugeet - hei geet et jo awer ëmmerhin ëm e Gesamtinvestissement vu ronn 1,7 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang -, déi dote Projeten net verschwannen an der Programmation pluriannuelle, wéi dat elo de Fall ass. Deen heite Projet taucht a kengem Dokument vun der Regierung bis haut op. Wéi kann déi doten Zort vu Projete berücksichtegt ginn, fir dass mer e Gesamtbild hu wat der Wourécht entsprécht, wat déi zukünfteg Investissementer vum Stat hei zu Lëtzebuerg an administrativ Gebaier ugeet?

Déi drëtt Observatioun, déi de Statsrot gemaach huet an déi och keng Äntwert kritt huet, net an den Diskussiounen an de Kommissiounen an och net am Text vum Rapport, dat ass deen e bëssen droleche Phenomeen, besonnesch well mer et hei mam Kierchbierg ze dinn hunn, deen doranner besteet, dass mer eigentlech hei en Terrain hunn, deen am Domaine public läit, well en um Kierchbierg läit, deen dann der Chambre de Commerce zur Verfügung gestallt ginn ass oder verkaaft ginn ass - ech weess net genau wat dee rechtleche Wee war -, an dee schlussendlech dann erëm eng Kéier iwwert d'Vente "en état futur d'achèvement" an de Statsbesëtz zréckgeet, wat jo eigentlech awer eng drolech Prozedur ass, déi a mengen Aen och net déi néideg Transparenz an déi ganz Geschäfter erabréngt.

Och do wëll ech dann dee pertinente Passage vum Avis vum Statsrot zitéieren: "Comment des terrains dont l'acquisition par l'Etat constituait une nécessité d'utilité publique ont-ils pu sortir de l'emprise de l'Etat pour y être réincorporés maintenant, pour des raisons éminentes d'utilité publique, et pour un prix qui ne résulte pas du dossier?" Dat ass also eng ganz grouss a pertinent Fro, déi de Statsrot sech hei stellt. Mir hätte gären als sozialistesch Fraktioun, dass op all déi doten Observatiounen a kritesch Bemierkunge vum Statsrot d'Regierung hei eng komplett an zefridde stellend Äntwert gëtt.

Ech wëll bei déi doten dräi kritesch Bemierkunge vum Statsrot och eng Rei zousätzlecher uféieren am Numm vun eiser Fraktioun.

Déi éischt deckt sech deelweis mat där Kritik vum Statsrot wat d'Programmation pluriannuelle ugeet. Dat ass déi wat d'Matsproocherecht vum Parlament ugeet bei esou Projeten an d'Awierkung, déi d'Parlament kann hu bei esou Projeten.

Am Géigesaz zu Bauprojeten ass et hei de Fall, dass mer effektiv keen Dossier virleien haten, dass mer ausser enger sommärer Descriptioun wéi vill m² Bürosfläch dann elo géife vum Stat akaaft ginn, an a wat fir enger Strooss dass déi Immeublë géife stoen, mer keng weider Informatioun am Dossier leien hate wat déi eigentlech Pläng, wat déi eigentlech Configuratioun vun deem ganze Projet ugeet. Am Géigesaz zu Bauprojeten, wou mer Architekteläng an der Chamber virleien hunn, wou also d'Chamber wierklech d'Méiglechkeet huet fir sech e Gesamtbild iwwer e Projet ze maachen an eventuell dann och eng Rei vu Modifikatiounen ze proposéieren un deene Bauprojeten, ass dat mat deem heite System mat der Vente en état futur d'achèvement praktesch net méiglech. De Risiko besteet, dass iwwert deen heite Wee an engem gewësse Mooss och en Détournement vun den normale Prozedure beim Budget stattfënnt, well een an der Regel - an dat ass och hei de Fall - déi dote Chiffren am Statsbudget tel quel bestëmmt net erëmfënnt. Dat ass sécherlech net gutt, an dofir hu mer also och Bedenken, wann dat heie lo soll den éischte Projet sinn, a wann nach vill Projeten no deemselwechte Mechanismus an Zukunft vun der Regierung initiéiert sollte ginn, da stelle sech do eng ganz Rëtsch vu Froen, déi also d'Prérogativë vum Parlament uginn.

Eng zweet Kritik, déi ech wollt äusseren, dat ass de Finanzéierungsmodus deen hei vun der Regierung gewielt ginn ass, wou am zweeten Artikel bezuelt soll ginn iwwert d'Krediter vum Finanzministère. Also, hei gëtt net iwwer iergende Fong bezuelt, mä iwwert d'Krediter vum Finanzministère. Ech hunn da lo de Budget duerchkämmt a mer d'Fro gestallt, iwwer wat fir ee Kredit dann de Finanzministère higeet an deen dote Montant bezilt, dee jo wahrscheinlech dann op zwee Joer opgespléckt gëtt, 2002 an 2003. Ech erënneren drun, dass de ganze Projet schonn an der Mëtt vum nächste Joer fäerdeg realiséiert soll sinn. En ass also scho ganz wäit engagéiert, soudass also eng déck Zomm fir den Exercice 2002 ze bezuelen ass. Ech sinn op ee Kredit gestouss, mag sinn, datt ech een iwwersinn hunn, dat ass de Kredit 71050, deen den Intitulé wéi folgt huet: "Acquisition auprès de secteurs autres que le secteur des administrations publiques d'immeubles à incorporer dans le domaine de l'Etat". Ech hu gekuckt, wat fir ee Montant da fir d'Joer 2002 ageschriwwen ass an dee Kredit, dat si fënnef Milliounen Euro. Lo kascht awer deen heite Projet 43 Milliounen Euro. A wann och net de ganze Montant 2002 ofgewéckelt gëtt, denken ech dach awer, datt zumindest eng gutt Halschent vun deem Montant eigentlech misst iwwer 2002 ofgewéckelt ginn.

Hei gi mer also der Regierung d'Recht e Kredit ze dépasséieren. Et ass e Crédit non limitatif, d'Regierung huet d'Méiglechkeet dat ze maachen, mä et stellt sech awer do eng Fro.

Firwat huet d'Regierung net direkt dee richtege Montant an de Budgetsprojet 2002 ageschriwwen? Dëse Projet ass vum Regierungsrot am Hierscht d'lescht Joer, also gläichzäiteg mat der Opstellung vum Budget praktesch, verabschiet ginn. Et wär also a mengen Ae méi richteg gewiescht, de reelle Montant, eleng fir dëse Projet zumindest, an deen Artikel do anzeschreiwe vum Budget, anstatt deen dote Budgetsartikel bewosst eigentlech ze ënnerschätzen, dee lo dann eben iwwert den Dépassement op dee reelle Chiffer eropgehuewe soll ginn.

Ech fannen dat doten eigentlech keng gutt Praxis, fir esou ze verfueren. Dat mag och nach alles mat de Regele vun der Kontabilitéit vum Stat am Aklang stoen, mä op jidde Fall fannen ech dat doten net gutt, well et och de Wouerechtsgehalt eigentlech vum Budget erofsetzt, a, well, wéi de Statsrot dat och virgeluegt huet, een déi dote Projeten a kenger Programmatioun fir déi nächst Joren erëmfënnt. Se ginn ënner an engem Sammelkredit, deen dann och nach vun der Regierung ënnerschat ginn ass.

Ech kommen dann zu enger leschter a fir mech fundamentaler Kritik. Dat ass d'Fro, awéiwäit sech d'Regierung Gedanken iwwer eng rationell Lokaliséierungspolitik gemaach huet, wat d'staatlech Verwaltungen ugeet. Ech hunn déi Diskussioun och an der zoustänneger Finanzkommissioun opgeworf. Ech si frou, dass zumindest ee Saz am Rapport déi Diskussioun do erëmgëtt.

Ech hat den Androck, dass, wéi mer de Regierungsvertrieder an der Kommissioun dozou gefrot hunn, sech eigentlech keng Gedanken doriwwer gemaach si ginn. Wat déi Notzung vun deenen 9.000 m² brut Bürosfläch ugeet, sou ass eis nëmme geäntwert ginn, dass virgesinn ass, do d'Servicer vum Justizministère ze transféréieren, an och de Wirtschafts- a Sozialrot. Do bleiwen awer nach Bürosflächen eidel. D'Regierung konnt eis, bis dee Moment op jidde Fall, net soen, wat dann nach vun anere Verwaltungen a Servicer dohinner soll kommen. Ech fannen dat eigentlech net normal, well jo awer scho Mëtt nächst Joer dat Ganzt fäerdeg gestallt soll sinn. A virun allem fannen ech net normal, dass sech keng méi wäitreechend Iwwerleeung gemaach ginn ass. Wann ee schonn en Transfert vu Servicer mécht, déi an hire bestehende Lokalitéiten ze enk ënnerbruecht sinn, muss ee sech awer d'Fro stellen, net nëmmen a wat fir engem anere Quartier vun der Stad Lëtzebuerg een deen Tranfert maache wëll, mä wann een d'Iddi vun der Dezentraliséierung seriö hëlt, da muss ee sech d'Fro stellen, ob net deen dote Service vläicht net och an enger anerer Regioun vum Land gutt implantéiert wär.

Dat ass déi Politik, déi am Regierungsprogramm selwer dra steet, déi am Programme directeur vun der Landesplanung steet, déi vum Statsminister bei senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun praktesch zur Bibel erhuewe ginn ass, fir déi nächst Joer. Dat alles steet dodran. Et steet dran, eng Dezentraliséierung, eng Dekonzentratiounspolitik vun de staatleche Verwaltungen haaptsächlech och hei zu Lëtzebuerg ze féieren.

Ech stellen un deem praktesche Beispill hei fest, dass ëmmer erëm nëmmen um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg geduecht gëtt, en Transfert vum alen Zentrum hin an d'Périphérie op de Kierchbierg ze maachen, mä dass eigentlech méi eng wäiträichend Réflexioun op Regierungsniveau net systematesch gefouert gëtt.

Mir vermëssen also deen Usaz do an där heiter Diskussioun, wou et drëm geet, der Iddi vum regionale Gläichgewiicht nei Konturen ze ginn. Ech erënneren, dass mer fënnef Planungsregiounen hei zu Lëtzebuerg hunn. Et muss een also dofir suergen, dass bei enger Dezentraliséierungspolitk keng vun deene Regioune vergiess gëtt. Ech erënneren och drun, dass mer de System hei kenne vun de regionalen Entwécklungszentren. Dat misst eigentlech d'Grondlag si vu sou enger méi wäit reechender Réflexioun.

A mengen Aen ass et, zum Beispill, net noutwendeg, dass e Wirtschafts- a Sozialrot an der Haaptstad Lëtzebuerg ugesidelt muss ginn. Ech kéint mer gutt virstellen, dass esou e Gremium och an enger anerer Regioun kéint lokaliséiert ginn.

Mir géifen also als sozialistesch Fraktioun d'Regierung opfuerderen, déi dote Froen nach eng Kéier ze iwwerdenken an net einfach an deene getrëppelte Bunne weiderzefueren, mä am Dialog och mat deene Beamten an Aarbechter, déi an deene Verwaltunge schaffen - dat däerf ee jo net net berücksichtegen -, ze probéieren do aner Weeër ze goen an eng rationell Opdeelung vun den Aktivitéite vu staatleche Servicer iwwert d'ganzt Land ze maachen, dat am Sënn och vun enger biergernoer Verwaltung, vun engem gudde Fonctionnement vun de Verwaltungen a vun enger harmonescher, rationeller Opdeelung vun den Aktivitéiten an deenen eenzelne Regioune vum Land.

Dat wär d'Schlussbemierkung, déi mer hei maache wollten. Wéi gesot: De Projet u sech fënnt eisen Accord, mä et stelle sech eng ganz Rëtsch vu prinzipielle Froen, wou ech frou wär, wa mer déi och kéinten zumindest an dëser Debatt uschneiden.

Merci!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu engem performante Statsapparat gehéiere jo mat Sécherheet och gutt Aarbechtsinfrastrukturen, well, wien a schlecht Konditioune senger Aarbecht nogoe muss, deem feelt et mat Sécherheet och oft un der néideger Motivatioun. Dofir ass et och un deene politesche Responsablen, fir permanent ze kucken, dem Personal appropriéiert a modern Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Dat Gesetz, dat mer haut stëmmen, dréit deem ouni Zweifel Rechnung. Et ass awer och d'Konsequenz, wéi de Rapporteur dat schonn hei ugeschnidden huet, vun engem permanenten Uwuesse vun den Déngschtleeschtungen. Et ass jo och d'Bestriewe vun der Regierung fir u sech de Statsapparat sou effizient wéi néideg ze gestalten, an dozou gehéiere jo ouni Zweifel d'Infrastrukturen. Datt mer op deem Gebitt nach eng Rei vu Schwieregkeeten hunn, ass jo net ganz onbekannt.

Op där anerer Säit - an dat steet jo och am Exposé des motifs - hu mer de Problem, datt déi eenzel Servicer ze vill iwwert den Territoire vun der Stad Lëtzebuerg verdeelt sinn, dat de Moment jo op ronn 115 verschidden Adressen. En aneren Handicap ass natierlech deen, datt mer op ville Plaze gelount hunn, wat da mat sech bréngt, datt mer all Joers héich Zommen u Loyer bezuele mussen. Ech hat iwwregens och a mengem Budgetsrapport zum Joer 2001 schonn op déi Problematik higewisen, an och deemools schonn hei d'Propos gemaach, datt de Stat verstäerkt a Richtung vun Acquisitioun vu Gebailechkeete goe soll.

Et leeft een nämlech d'Gefor, wann ee loune muss, dass d'Bailen à moyen oder souguer à court terme oflafe kënnen, an datt ee sech dann och kuerzfristeg no neie Logementer ëmkucke muss. Ech wëll virun allem mol op ee Beispill hei hiweisen. Et betrëfft d'Steierverwaltung, déi Servicer, déi de Moment an der Maison Kraus op der Gare ënnerbruecht sinn, a wou de Bail den 31. Dezember 2004 ofleeft. Lo kann ee soen, dat sinn nach gutt 2 1/2 Joer, an awer muss ee sech lo scho Gedanke maachen, wou zum Beispill déi Leit da logéiert solle ginn.

Dofir kënne mir als DP jiddefalls begréissen, datt elo d'Acquisitioun vun deenen dräi Immeubles administratifs um Kierchbierg gemaach gëtt. Natierlech stellt sech an deem ganze Kontext och d'Fro vun der Accessibilitéit. Mir wëssen, dass et hei am Kär vun der Stad net ëmmer sou evident ass, mir wëssen awer och, datt um Kierchbierg ganz vill Aarbechten iwwert d'Bühn ginn. Ech sinn awer iwwerzeegt, wa bis all déi Infrastrukture realiséiert sinn, sief dat Stroosseninfrastruktur oder sief dat d'Schinneninfrastruktur, datt sech den Accès do ouni Zweifel verbessere wäert.

Et ass awer och evident, datt mer nach eng Rei vun zousätzleche Büroe brauchen. Ech wëll an dësem Kontext zum Beispill op dat aalt Postgebai an der Hollerecher Strooss hiweisen an och drun erënneren, datt ech dem Här Minister den 28. Juni 2001 zu deem Thema eng Question parlementaire gestallt hat, op déi e mir och den 20. August 2001 eng Äntwert ginn huet. Ech zitéieren dat nach eng Kéier: "Le Gouvernement examine actuellement la possibilité d'ériger à cet endroit un nouvel immeuble multifonctionnel comprenant notamment des bureaux et des logements." Dowéinst wollt ech emol haut vum Här Minister wëssen, inwiefern do vläicht schonn Décisioune gefall sinn. Et weess ee jo, datt de Moment dat Gebai zum Deel nach gebrauch gëtt, ënnert anerem fir Remisë vun Autoe vun der Polizei an och Archive vum Ministère du Logement.

Dann ass jo och nach ëmmer e Projet an der Diskussioun fir en neit Verwaltungsgebai um Parking beim Centre informatique op der Gare opzeriichten. Och do wär et vläicht mol interessant gewuer ze ginn, wéi de Stand der Dinge ass.

Am Kader vun dësem Gesetz soll ee sech awer och vläicht e puer Gedanke maachen iwwert d'Dezentraliséierung - e wichtegen Aspekt vun enger kohärenter Landesplanung. Mäi Virgänger ass schonn op déi Problematik agaangen. Et ass jo esou - an ech mengen, do si mer eis jo och eens -, datt d'öffentlech Hand mam gudde Beispill virgoen a versiche soll, esou wäit wéi méiglech Verwaltungen, déi sech nach am zentrale Kär vun der Haaptstad befannen, och vläicht ofzezéien an op aner Plazen am Land ze implantéieren.

Et bitt sech do lo natierlech eng immens gutt Geleeënheet, an zwar déi am Kader vun der Reconversioun vun den Industriebroochen, a méi spezifesch dem Projet Belval, wou jo lo scho ganz konkret Pläng opgestallt gi sinn, a wou och luewenswäerter Weis virgesinn ass, fir eng Rei vu staatleche Verwaltungen ze implantéieren.

Da soll een natierlech awer och gläichzäiteg versichen, fir Verwaltunge sou no wéi méiglech bei d'Bierger ze bréngen, déi se sollicitéieren. Och do ass jo lo kierzlech eng wichteg Décisioun geholl ginn. Ech verweisen hei op d'Direktioun vun der Aviation civile, wou den Transportminister ugekënnegt huet, datt am Kader vum Ausbau vum Findel och vergesinn ass, fir dee staatleche Service do ënnerzebréngen.

D'DP ass jiddefalls der Meenung, datt déi Form vun Acquisitioun, wéi mer se elo maachen, besser ass wéi de Kaf iwwert d'Loi de garantie, déi mir jo an der Vergaangenheet och munchmol kritiséiert hunn.

Als Konklusioun kann ee jiddefalls festhalen, datt dat heien e gudde Projet ass, dee mer ënnerstëtzen. Ech wëll och ofschléissend dem Rapporteur merci soe fir säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt merci un de Kolleeg Lucien Clement als Rapporteur vun dësem Projet, deen an der Finanzkommissioun behandelt ginn ass. Dëse Projet gesäit vir, datt de Stat dräi administrativ Gebaier ofkeeft vun engem Gebai, dat vun der Chambre de Commerce amgaang ass gebaut ze ginn.

Mir hunn an de leschte Joren hei permanent an de Kommissiounen an och an de Budgetsdebatten ëmmer erëm d'Fro opgeworf, ob et richteg wär, datt de Stat esou vill Gebailechkeeten an der Stad an ëm d'Stad a Locatioun hätt. De Stat ass hei am Land dee gréisste Locataire, dee mer hunn, a mir wëssen, datt de Stat iwwer 1,7 Milliarde Frang u Loyer d'Joer muss bezuelen. Dofir ass ëmmer hei de Wonsch geäussert ginn, datt de Stat sollt selwer an Immobilien investéiere fir Propriétaire ze ginn.

Dat hei ass e Projet, deen an déi Richtung geet an deem mer och sécherlech kënnen eis Zoustëmmung ginn. Dëse Projet gëtt um Kierchbierg realiséiert. Et ass dat eng kleng Dezentralisatioun vum Stadkär op de Kierchbierg. Et ass en éischte Schrëtt. Mir wëssen alleguer, datt net jidderee bereet ass, aus dem Stadkär erauszegoen. Mir als Parlamentarier hu selwer eis eng Kéier dergéint opposéiert, fir vun dëser Plaz ewechzegoen, an dofir versteet een och, datt op där anerer Säit Leit aus Verwaltungen net onbedéngt gär wëllen aus dem Stadkär erausgoen.

Mä dach mengen ech, ass et am Interesse vun enger gutt fonctionnéiernder staatlecher Administratioun, datt mer net alles an de Stadkär leeën, datt jiddfer Mënsch, deen eppes mat enger Statsverwaltung ze dinn huet, och muss an de Stadkär eragoen, wou mer jo haut scho wësse wat dat alles u Problemer am Verkéier a bei de Parkplaze mat sech bréngt. Dofir plädéiere mer ëmmer dofir, datt ee soll dezentraliséieren an zwar an Zukunft méi wäit, wéi dat de Moment op de Kierchbierg gemaach gëtt.

Ech mengen, et kann een d'staatlech Verwaltungen an déi verschidde Bezierker, sief et am Süden, am Osten oder am Norden, déplacéieren. Et si Verwaltungen, déi net onbedéngt musse fonctionnéieren, wou d'Leit musse permanent higoen. Et sinn och Verwaltungen, déi besser am ländleche Raum fonctionnéieren. Dofir géife mer d'Regierung encouragéieren an Zukunft ze kucke wou esou eng Verwaltung kënnt genau esou gutt fonctionnéiere wéi an der Stad. A wann dat iergendwou ausserhalb der Stad de Fall ass, da soll se dee Schrëtt maachen.

Dëse Projet kascht 1,3 Milliarden. E gëtt net iwwert d'Garantiegesetz bezuelt. Dat ass och eng Moossnam, déi mer begréissen. Mir hunn eis als ADR an der Vergaangenheet systematesch dergéint opposéiert, datt d'Loi de garantie géif fir esou Projete gebraucht oder mëssbraucht ginn, wat net um Ursprunk vun der Schafung vun der Loi de garantie steet, déi am Fong fir aner Projete geduecht gi war.

An dat Gebai soll de Justizministère mat senger Verwaltung kommen, de Wirtschafts- a Sozialrot an et bleift och nach eng Rei vu m² rescht, wou aner Verwaltunge kënnen dra kommen.

Wat nei ass, ass de Wee, deen ageschratt ginn ass. An der Vergaangenheet ware mer éischter gewinnt, datt de Stat selwer gebaut huet, datt en e Projet gemaach huet, datt en da virun d'Chamber komm ass mat de Pläng, mat den Devisen, an datt dann déi zoustänneg Kommissioun vun der Chamber iwwert de Wee vun engem Pro-

jet de loi esou engem Projet zougestëmmt huet, deen dann duerno gebaut ginn ass.

Hei ass en neie Wee gesicht ginn, wou eng privat Associatioun, an dësem Fall d'Chambre de Commerce, e Gebai baut a wou de Stat dann en Deel vun deem Gebai fir seng Usprëch ofkeeft.

Et muss een net géint esou eng Pozedur sinn. Au contraire, et kann een esouguer fir esou eng Prozedur sinn, well déi an der Regel och kann eng Rei vu Virdeeler hunn. Et ass administrativ sécher net dee laangen, schwéieren a schwierege Wee, dee mer bei engem Bau hunn, wa mer als Stat selwer bauen. Sécherlech kann een och méi e fixe Präis aushandelen. Mir mussen och wëssen, datt déi Projeten, déi mir maachen, an der Regel gréisser Dépassementer vun de Kreditter hunn, déi mir hei gestëmmt hunn, esou datt dat hei an där Hinsicht muss en Nodeel sinn.

Wat natierlech hei eng Fro ass, ass ob dee Präis korrekt ass. Ech sinn elo net esou genau am Bild, mä ech ginn awer dovun aus, datt de Stat, wéi en dee Präis verhandelt huet, sech deen och vun Expären ofschätzen a confirméiere gelooss huet.

Wat een allerdéngs vläicht kënnt an Zukunft bei esou enger Prozedur virgesinn, dat ass, datt, wann d'Regierung an déi Richtung geet, se sech akeeft an e bestehend Gebai oder Gebaier, déi eng gewëssen Envergure um finanzielle Plang hunn, dann déi zoustänneg Parlamentskommissioun direkt an d'Bild setzt, wann esou e Projet kaaft gëtt, wou Compromisen ënnerschriwwe ginn.

Alles an allem muss een awer soen, datt dat hei eis weiderhëlleft an de staatleche Verwaltungen. Mir wëssen och, datt dat hei net dee leschte Projet ass, mä datt nach eng ganz Rei vu Projete mussen nokommen, fir datt sämtlech staatlech Verwaltungen ënner uerdentleche Konditioune kënne schaffen an datt de Stat och soll versiche vum gréissten Deel vun deene Gebaier, déi mer nun emol brauche fir d'Statsverwaltungen, Propriétaire ze ginn.

Dat gesot, Här President, wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President, mir wëllen als Gréng virausschécken, datt mer eigentlech d'Strategie vun der Regierung, fir öffentlech Gebaier, dat heescht, haaptsächlech fir Ministèren, déi eng länger Daseinsberechtegung hunn, respektiv deenen eng länger Zukunft sécher ass, ze kafen, ënnerstëtzen.

Mir hunn elo kierzlech vun der Regierung en Tableau kritt mat de Contrats de bail a wann ech gesinn, op wat fir en astronomesche Chiffer de Loyer sech beleeft pro Joer, da kann een et nëmmen ënnerstëtzen, wann d'Regierung et sech zum Zil gesat huet, fir méiglechst vill Gebaier ze kafen an d'Ministèren an deenen eegene Gebaier ënnerbréngt an net loune geet.

Ech muss och soen, ech war erschreckt wéi ech d'Lëscht gesinn hunn, wi vill Ministërë mer nach hunn, fir déi de Moment Gebaier gelount ginn. Ech hat et selwer net fir méiglech gehalen, datt dat nach de Fall wär, an dat ass sécherlech keng gutt Situatioun.

An der Kommissioun hu mer iwwer eng ganz Rei Saachen diskutéiert. Een Deel dovu waren déi Punkten, déi den Här Bodry hei ugeschnidden huet. Dee Punkt, dee mech awer speziell interesséiert huet, ass dee vun der Strategie, déi d'Regierung sech iwwerhaapt gëtt, wou se d'öffentlech Verwaltunge wëllt hisetzen. Ech mengen, do misst een emol fir d'éischt ënnerscheeden tëschent deenen, déi an direktem Kontakt si mam Public, an deenen, déi net an direktem Kontakt si mam Public. An dann natierlech och kucken en fonction dovunner, wat fir eng Verwaltungen oder öffentlech Institutioune sech eegne fir ze dezentraliséieren a wat fir eng sech net eegnen oder eigentlech guer net däerften a Fro kommen, fir dezentral ugesiedelt ze ginn, respektiv wat fir eng onbedéngt mussen an der Stad oder ronderëm d'Stad bleiwen.

Ech muss soen, och do schléissen ech mech eigentlech de Wierder vum Här Bodry hunn, well ech net esou richteg gesinn, wat d'Strategie ass vun dëser Regierung, wann ech emol géing landesplaneresch schwätzen, wou se wëllt d'öffentlech Verwaltungen hiplacéieren. Ech gesinn net esou richteg, datt do soll eng genau Strategie verfollegt ginn, an ech hunn d'Impressioun, datt dat e bësse wahllos geschitt, je nodeem wou sech grad en Terrain oder e Gebai ubitt. Dat ass sécherlech net dat wat mer brauche fir d'Zukunft, well mam Emplacement vun enger Verwaltung décidéiert een net nëmme wou eng Verwaltung hikënnt, mä domat leet een och eng ganz Rei aner Saache fest.

Et ass net nëmmen d'Fro vun der Dezentraliséierung als solch, déi do hannendru stécht, mä och d'Konsequenzen insgesamt, déi dat ka mat sech bréngen, jee nodeem wou een décidéiert, datt eng Verwaltung soll hikommen. Ech hunn och gemengt, datt dat Gebai, wou Deeler vum Ministère de la Justice sollen dra kommen, an engem Quartier ass, deen net dee glécklechsten a senger Entwécklung ass. Et ass een, wou mer kaum Mëschstrukturen hunn, wou d'Leit, wa se Mëttespaus maachen an eppes wëllen iesse goen, mussen den Auto huele fir iergendwou hinzefueren. Et ass och e Quartier, dee ganz schlecht un den öffentlechen Transport ugebonnen ass.

Dat heescht also am Klortext, je nodeem wou een eng Verwaltung hisetzt, virun allem eng grouss Verwaltung, bedeit dat net nëmmen eppes par rapport zum Service um Bierger, mä et bedeit och eppes par rapport zu allen

anere Konsequenzen, verkéierstechnescher Natur oder aneren, déi sech hannendru verstoppen. Well Verwaltunge sinn nun eemol eppes wou vill Leit schaffen, wou och vill Leit hikommen, an dat bedeit Verkéiersbeweegungen aus verschiddenen a vielfältege Grënn.

All déi Saache musse mer an Zukunft matakalkuléieren, wa mer staatlechersäits d'Décisioun huelen, fir eng Verwaltung iergendwou ze implantéieren.

Zu all deem konnt ech keng zefridde stellend Äntwert kréien am Kontext vun dësem Projet, well ech mengen, datt d'Regierung keng gëeegent oder iwwerhaapt keng Strategie an deem heiten Domän huet.

Mir géingen awer de Wonsch ausdrécken, datt se sech soll eng ginn, a mir wiere frou, wa mer iergendwann eng Kéier zum gëeegenten Zäitpunkt hei an der Chamber kënnten an enger zoustänneger Kommissioun doriwwer diskutéieren.

Dat gesot, ass et awer fir eis kloer, datt mer dëse Projet stëmmen, haaptsächlech aus deem éischtgenannte Grond.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, d'Zilsetzung vun dësem Projet kann een ouni Weideres novollzéien, fir Verwaltungen an Institutiounen op enger Plaz zesummenzeféieren, déi elo am Zentrum vun der Stad verspreet sinn an déi Raimlechkeeten an Ansproch huelen, déi grad esou gutt och Wunnfläche kënnten duerstellen.

Awer d'Method, déi hei ugewannt ginn ass, ass kritikabel a si ass och am Avis vum Statsrot zimlech kritiséiert ginn.

Ech wëll dat, wat den Här Bodry schonn aus dem Avis vum Statsrot erausgelies huet, net widderhuelen, mä ech wëll just dee leschte Saz nach bäifügen, wou en, wat déi ganz Prozedur ubelaangt, schlussfolgert: "Le mouvement de pendule entre achat, vente et rachat d'un même terrain n'ajoute rien à la transparence des opérations."

Et ass hei zum Deel als Errungenschaft duergestallt ginn, dass d'Verlagerung vu Verwaltungen aus dem Stadkär an d'Périphérie vu Virdeel ass. Wéi awer hei iwwert den Emplacement vun der Cité judiciaire diskutéiert ginn ass, ass gesot ginn, dass grad déi misst am Zentrum bleiwen, no bei deenen aneren Administratiounen.

Elo héiere mer, dass grad de Justizministerium op de Kierchbierg ausgelagert gëtt. Do verstinn ech den Zesummenhank net richteg. Et geet nämlech net nëmmen ëm de Kaf vu Büroflächen, mä och ëm d'Entscheedung iwwert d'Implantatioun an d'Zesummeschaffe vun deene verschiddenen Administratiounen.

Kann een elo dovunner ausgoen, dass eng Aart Cité administrative vu Regierungsverwaltungen um Kierchbierg wäert entstoen? Wat fir Verwaltunge sollen nach dohinner kommen, well jo déi Fläch, déi kaaft ginn ass, bis elo net vollstänneg enger Benotzung zougefouert ginn ass? Wéi geet et mam Verkéier, dee sech do erëm wäert verdichten? Déi 190 Parkplazen, déi virgesi sinn, wäerte wuel, menger Meenung no, wann do e gréissere Publikumsstroum ze erwaarden ass, kaum duergoen.

Et feelt also, wéi verschidden aner Riedner dat viru mir duergeluegt hunn, u klore Richtlinien, wéi a wou een déi Regierungsverwaltunge soll regruppéieren a wéi déi anenaner solle gräifen.

Et wier noutwendeg, dass d'Regierung sech do emol géing Richtlinie ginn, fir dass ee kënnt gesinn a wat fir eng Richtung do geplangt gëtt.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären dem Kolleeg Lucien Clement merci soe fir säi Rapport, grad esou wéi deenen anere Kolleegen, déi hei zu dësem Projet intervenéiert sinn. Ech stelle mat Satisfactioun fest, datt déi Politik, déi ech ugefaangen hunn als Domäneminister 1998, fir ze kucke méi ze kafe fir staatlech Gebaier a manner ze lounen, voir fir Servicer ze regruppéieren, heibannen eng breet Zoustëmmung fënnt.

Dat ass an der Vergaangenheet net ëmmer gemaach ginn aus ënnerschiddleche Grënn. Ee Grond war, datt zum Deel gemengt ginn ass, dass wann ee lount ee selbstverständlech méi flexibel ass an zu engem gewëssene Moment och net esou vill Budgetsmëttele matenee muss ausginn. Ech muss awer soen, dass ech mengen, dass do wou mer déi Suen hei ausginn am Actif vum Bilan vum Stat - e Bilan vum Stat gëtt et zwar net, mä et muss ee sech deen awer am Kapp virstellen -, dass mer do Avoire kréien, wou mer selwer herno Här a Meeschter sinn. Duerfir wëll ech, soulaang d'Finanzsituatioun et erlaabt, fir Gebaier, déi de Stat permanent brauch, och weider op de Wee vum Besëtz goen, sief dat iwwert d'Acquisitioun oder iwwert d'Constructioun.

Mir sinn dann och kengem Drock ausgesat vun de Propriétairen, déi eis Loyere permanent wëllen héijen. Och dat ass eng wichteg Considératioun, wou mer e puer Mol an der Vergaangenheet enger onméiglecher Situatioun bal ausgesat gi sinn. Ech sinn also frou festzestellen, dass d'Chamber mech an där Politik ënnerstëtzt.

Mir hunn och an Zukunft nach wëlles eng Rei vun esou Acquisitiounen ze maachen. Ech gesi kee Problem derbäi, datt een net all Kéiers och alles vum Stat muss selwer bauen, wa mer dréngend Gebaier brauchen a mir gesinn, datt iergendwou e Gebai gebaut ginn ass oder am Bau ass, wat kann de Besoine vum Stat entspriechen. Da gi mir, wéi jiddfereen, dee Gebaier keeft, kucken, fir déi Gebaier ze kafen. Ech wäert d'Chamber geschwënn mat

engem Projet de loi saiséieren, fir en administratiivt Gebai op der Escher Strooss ze kafen. Mir wäerten och zwee Gebaier kafen, déi am Gaange sinn um Kierchbierg gebaut ze ginn, déi mer weiderverlounen duerno un europäesch Institutiounen. Mir wëssen, datt een Elargissement kënnt, an do wou Gebaier zu engem akzeptable Präis proposéiert ginn, mengen ech, kann een déi kafen. Selbstverständlech ass et ëmmer der Approbatioun vun der Chamber virbehalen, fir dozou jo ze soen oder net.

Net ëmmer soll ee kafen. Ech sichen zum Beispill dringend nei Localitéite fir de Service de police judiciaire en attendant d'Cité policière, déi mer wëllen um Verluerekascht bauen. Wann ee weess, dass een an x Joren eng Cité policière huet, da brauch een an der Iwwergaangszäit fir esou Servicer näischt ze kafen, mä da lount een eppes. Et muss een also schonn Objet fir Objet kucken, wat ee mécht. Mä grondsätzlech ass meng Politik déi, fir Gebaier ze kafen, do wou eppes Durables dra gemaach gëtt, fir Ministèren, fir Verwaltungen.

Zweet Observatioun: Hei ass gesot ginn, datt mer hei dräi Gebaier um Kierchbierg kafen. Ech muss lech soen, de Justizminister ass zwar deen nämlechte wéi den Domäneminister, mä de Justizministère kënnt just an ee Gebai a souguer an deem Gebai soll och nach de Conseil économique et social dra kommen. Déi zwee aner Gebaier kommen net un de Justizministère. De Wirtschaftsminister wëllt dodranner Servicer vum STATEC maachen, déi och vill mat EUROSTAT zesummeschaffen. Hien ass do nach an de Gespréicher mam Personal, mä dat wäert an déi Richtung goen. Déi géingen dann déi zwee aner Gebaier besetzen. Domadder géinge mer zwee grouss Gebaier um Boulevard Royal, déi haut gelount sinn, net méi fir staatlech Verwaltunge brauchen. Mä, wéi gesot, dat ass eppes, wat permanent an der Evolutioun ass.

Drëtt Remarque: Hei ass vill geschwat gi vu Dezentralisatioun. Also, ech kann nëmme mat zwou Hänn an d'Hand klappen, fir dat ze ënnerstëtzen. D'Dezentralisatioun fir technesch Servicer schéngt mer wesentlech ze sinn. Dat gëtt och vun der Regierung esou gedeelt. Nach muss een déi Plaze fannen, wou een dezentraliséiert, an nach mussen d'Leit domadder d'accord sinn.

Une voix.- Wat fir eng Leit?

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* D'Leit, déi an de Ministèren, an de Verwaltunge schaffen.

Ech muss lech zum Beispill soen, datt Dezentralisatioun fir mech net ass, wann de Statsrot seet: "Et geet een op de Kierchbierg." Fir mech ass de Kierchbierg totalen Deel vun der Stad. Ech hunn als Kand eng Rei Joren um Kierchbierg gewunnt. Ech hunn ni gemengt, datt ech iergendwou wäit vun der Stad géing ewechwunnen. Ech si mam Velo an ze Fouss vum Kierchbierg an d'Stad gaangen. Et muss een also dat hei awer gesinn, dat ass en Deel vun der Stad. Duerfir verstinn ech am Fong d'Fro vum Conseil d'Etat iwwerhaapt net.

Mä trotzdeem muss ech lech soen, datt vill Kolleege vu mir am Justizministère gesot hunn: "Wat? Mir wären awer léiwer bei der Groussgaass. Da kënne mer an der Mëttesstonn an d'Stad iesse goen, kafe goen." Wat ech ganz gutt verstinn, par ailleurs, mä ech menge mir kënnen an der Stad net alles maachen. Eis Verwaltung wiisst, eist Land wiisst, ech mengen eng Rei Servicer an notamment d'Ministërë mussen, och der Verfassung no, ëmmer um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg sinn. Et ass also exclus, datt e Ministère ausserhalb vun der Stad läit, mä et ginn awer eng ganz Rei aner Verwaltungen. D'Regierung schafft drun, fir déi ausserhalb vun der Stad ze verleeën.

All Minister huet eng Rei vun deene Verwaltungen. Ech soen zum Beispill nëmme bei mir d'Kadasterverwaltung. Déi ass um Belair, wat fir mech e Wunnquartier ass. Dat stellen ech mer vir eng Verwaltung, déi ganz gutt kënnt un der Périphérie vun der Stad, souguer op enger anerer Plaz, sinn. Nach muss een dann e Gebai fir déi Leit fannen. Ech menge bei esou Servicer géif et och wéineg Oppositioun ginn, fir déi ze verleeën. Mir hunn also schonn - ech beäntwerten hei d'Fro vun der Chamber - hei de Wëllen, fir technesch Verwaltungen, do wou et méiglech ass, ze dezentraliséieren.

Nach soen ech muss een der fannen. Wéi mer zum Beispill viru kuerzem Gebaier gesicht hunn, wou déi Leit sollten dra kommen, déi sech beschäftege mam Développement vun de Friches industrielles, du hunn ech als Domäneminister gesot: "Ma déi musse jo selbstverständlech am Süde sëtzen, no bei där Plaz, wou se ze développéieren hunn." Meng Servicer hunn awer kuerzfristeg keng esou Bürosfläche fonnt, fir am Süden, Bieles oder Esch, déi Leit direkt hinzesetzen. Esou grouss Büroskomplexer bestinn do net an duerfir muss een also och ausserhalb vun der Stad, wann een esou seet vun Dezentralisatioun, déi Gebaier fannen. Mä de Wëlle vun der Regierung geet an déi Richtung.

Da sinn eng Rei Froe vum Statsrot opgeworf ginn, déi hei rappeléiert gi sinn. Déi éischt hunn ech scho gesot. Fir mech ass also heimadder keng nei Implantatiounspolitik vun der Regierung ugaangen, well wéi gesot, fir mech ass de Kierchbierg Deel vun der Stad. Wichteg ass och um Kierchbierg, datt d'Clientë vun deene Servicer besser kënne zerwéiert ginn.

Ech muss lech zum Beispill soen, de Ministère de la Justice läit op enger Plaz, wou net eng eenzeg Parkplaz haut ass, well et ass matzen um Boulevard Royal. Um Kierchbierg kréien d'Clientë Parkplazen. D'Clientë vum Ministère de la Justice wunnen net alleguerten um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg, well mir gi vill Dokumenter eraus, déi vun iwwerall Leit froe kommen. Duerfir mengen ech, datt een nieft de Parkplazen och d'Dimensioun natierlech vum öffentlechen Transport muss gesinn. An do schafft d'Regierung jo och drun, dass grad d'Verbindung mam Kierchbierg, wou jo

schrecklech vill Leit schaffen a wunnen an ëmmer méi schaffen a wunne kommen, ausgebaut gëtt.

Dann ass och d'Fro opgehäit ginn iwwert d'Validitéit vum pluriannuellen Investitiounsprogramm. Esou Projeten, déi an engem Joer bezuelt ginn, kënnen natierlech net am pluriannuellen Investitiounsprogramm dra geschriwwe ginn. Dat huet also näischt mat der Validitéit vun deem ze dinn. Wann ech d'nächst Joer e Gebai kafen, da kann ech dat nëmmen an de Budget asetzen. A wann ech et am Joer kafen, da muss ech dat selbstverständlech iwwert dee Kredit vum Finanzministère finanzéieren, deen duerfir do ass. Selbstverständlech maachen ech eréischt den Dépassement des crédits, deen an der Kompetenz...

(Coups de cloche de la Présidence)

...vum Budgetsminister ass, nodeem ech den Accord vum Parlament hunn. Ech gesinn also net, wéi een dat kéint an engem pluriannuelle Projet (Finanzierungsprogramm) aschreiwen, well et gëtt op engem Moment bezuelt. Et muss een also kucken inwiefern Projete bekannt sinn, wann de Budget opgestallt gëtt, an dann déi an de Budget aschreiwen, well et ass do, wou se higehéieren.

D'Prärogative vum Parlament, mengen ech, ginn net hei manner grouss. Mir kommen d'Parlament froen. Den Här Bodry huet gesot: "Bei engem Bauprojet kritt d'Chamber och d'Architektepläng virgeluegt." Ech hat gemengt dat wär och bei dësem Projet gemaach ginn. Ech sinn awer gären d'accord, datt an Zukunft och d'Architektepläng mat an d'Chamber kommen. Dat ass fir mech kee wesentleche Punkt. Ech kucken déi och seelen - muss ech soen - als Domäneminister. Fir mech ass d'Superficie wichteg, déi mer kafen, an de Käschtepunkt. Ech mengen et ass un den Expären, fir ze kucken, wéi déi eenzel Büroe bannendra mussen ausgesinn. Mä ech wäert menge Servicer soen, dass an Zukunft och sollen d'Architektepläng mat, bei engem Acquisitiounsprojet, an d'Chamber kommen. Wéi dat genee herno dobannen ausgesäit, do sinn ech souwisou der Meenung, datt dat net eng Kompetenz ass vum Parlament, mä vum exekutive Pouvoir.

Déi aner Froen, déi hei opgeworf gi sinn, sinn, mengen ech, domadder alleguerte global beäntwert. Wéi gesot nach eng Kéier, d'Politik ass fir méi ze kafen, do wou dat méiglech ass. Et war nach eng Fro opgeworf ginn, fir datt ech déi net vergiessen, ech menge vum Här Graas, wat mam ale Postgebai geschitt op der Gare. D'Iddi wär do, fir Wunningsbau virun allem ze schafen. Dat wat ech deemools geäntwert hunn ass nach ëmmer richteg. De Logementsminister ass am Gaangen ze kucken, ob een do net kann iwwert de Fonds du logement eppes maachen, soss awer e multifunktionellt Gebai, wat de Stat selwer géing bauen. Déi Projete lafen, mä ech sinn Domäneminister, ech sinn net Bauten- an net Logementsminister. Mä déi Projeten do sinn net gestoppt. Mir haten ee Moment geduecht dat aalt Gebai an d'Rei ze setzen, mä d'Expären hunn eis gesot, datt dat vill méi deier géing ginn, wéi wa mer géingen ofrappen an nei bauen, duerfir hu mer als Regierung eis op déi Schinn ginn.

Mir wäerten och op der Gare dee Projet virundreiwen, fir do nach en administratiivt Gebai ze bauen. D'Bauteministerin wäert a kierzester Zäit e Projet der Chamber virleeën. An dat Gebai sollen, mengen Informatiounen no, d'Servicer vun der Steierverwaltung kommen. Also och do geet et weider. Eis zweespuereg Schinn: bauen a kafen, fir datt de Stat Propriétaire ass.

Dat gesot, Här President, sinn ech frou, datt dëse Projet schéngt heibannen d'Eestëmmegkeet ze kréien an duerfir soen ech der Chamber merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4883 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4883.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de virleiende Gesetzesprojet sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4883 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Ady Jung), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Paul Helminger), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Niki Bettendorf), Marco Schroell, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar zur Diskussioun vun der Proposition de loi 4670 iwwert d'Öffnungszäite vun de Caféen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Mosar, Bodry, Bettel, Gibéryen, Bausch a Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

3. Proposition de loi 4670 de MM. Paul Helminger et Laurent Mosar modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, iwwert déi mer elo de Mëtte schwätzen, ass schonn eng ganz besonnesch Proposition de loi, an ech hu mech gewonnert, am Virfeld vun dem Ausschaffe vun där Proposition de loi, wéi vill ee sollicitéiert ginn ass vu Press oder am Allgemenge vu Leit ugeschwat ginn ass op déi heie Proposition, aus welchem Grond och ëmmer. Op jidde Fall ass den Intérêt, dee se erweckt huet, ganz grouss gewiescht. Et si Leit, déi dat richteg fannen, déi dat gutt fannen, déi begeeschtert sinn; et sinn aner Leit, déi et manner gutt fannen, déi eng ganz Rei Problemer domat hunn. Et huet op jidde Fall eng ganz Rei a vill Gefiller opgerullt.

An all deenen Diskussiounen, déi een awer hat, ass et mer kloer ginn, dass a sech just déi Zuel vu sechs Auer ervirkomm ass. An ech denken awer, datt et noutwendeg ass, am Detail dat doten ze erklären, well deen Text hei vill méi nuancéiert ass, a well deen Text hei vill méi an deene Richtunge vu Flexibilitéit, mä awer och vun Ofsécherunge vun de Bierger, déi an enger Stad oder an enger Lokalitéit wunnen, geet an en Equliber wëllt hierstellen. Et muss een also méi nuancéiert drun eru goen, an, wat hei gewollt a wat gemaach gëtt, genau erklären.

Déi Zilsetzunge vun där Proposition de loi, déi den Här Helminger an den Här Mosar hei an der Chamber erabruecht hunn, sinn an hirem Exposé des motifs kloer an däitlech ervirgestrach ginn.

Punkt Nr 1 ass, datt se der Realitéit Rechnung droe wëllen, sou wéi se haut zu Lëtzebuerg an der Stad an an anere Gemenge gelieft gëtt, wou mer feststellen, datt d'Nuetsliewen zur Gesellschaft gehéiert an och sou organiséiert muss sinn, datt et deem entsprécht, wat de reelle Besoin vun haut ass. Et stellt een do fest, datt de Besoin vun der Jugend vläicht awer anescht ass, wéi virun enger Rei - zéng, zwanzeg Joren, déi Zäit, wéi mir nach méi erausgaang sinn. Dat huet alles évoluéiert.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Richteg, Här Fayot: Net nëmmen de Besoin vun der Jugend, de Besoin vun alle Leit, mä vläicht vun deenen enge méi wéi vun deenen aneren. Et huet sech méi an d'Nuecht eraverlagert. Bei den Öffnungszäite gëtt gefrot, fir méi laang op ze hunn. Dat ass awer net nëmmen e Lëtzebuerger Phenomeen, dat ass e Phenomeen, dee sech an allen europäeschen Haaptstied a Stied weist a festgestallt ka ginn. Et ass och e Besoin, deen ee ganz kloer hei spiert, net nëmmen, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi Etablissementer géréieren, mä haaptsächlech mat deene Leit schwätzt, déi owes, iwwert de Weekend, nuets erausgoe wëllen.

Den éischten Deel vun der Proposition de loi gesäit dann effektiv eng Auswäitung vun den Öffnungszäite vir. Den zweeten Deel gesäit awer vir, en Equiliber tëschent Nuetsliewen op där enger Säit an der Nuetsrou, op déi jiddfereen e Recht huet, op där anerer Säit, ze schafen. Dofir proposéiert en eng Rei speziell Moossname fir déi Etablissementer, déi méi laang kënnen ophunn an déi enger ganzer Rei vu ganz strikte Konditioune mussen entspriechen, an e mécht och eng Rei Konditioune fir d'Applikatioune vun deem Text, wann déi Etablissementer bis eng oder bis dräi Auer ophunn. Ech kommen am Detail nach eng Kéier dorobber zréck.

Wat hu mer haut? Haut hu mer Öffnungszäiten, déi op eng Auer nuets fixéiert sinn an déi bis op dräi Auer nuets, déi sou genannte fräi Nuechten, op speziell Autorisatioun vun de Buergermeeschtere verlängert ginn. Haut hu mer keng Reglementatioun iwwert d'Implantatioun an iwwert d'Konditioune vun der Implantatioun vu sou Etablissementer.

D'Auteure vun der Propositioun schloe vir, éischtens, déi normal Autorisatiounszäit bis eng Auer an déi fräi Nuecht bis dräi Auer esou ze loossen, wéi et normal ass. Do gëtt näischt dru geännert. Et kënnt just als Zousaz nach dobäi d'Méiglechkeet, fir eng Rei Etablissementer bis sechs Auer opzeloossen, mä net egal wat fir eng Etablissementer an net egal ënnert wat fir enge Konditiounen. Mä et ginn an der Gesetzespropositioun eng